Lëtzebuerger

# duerf

fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

# Wunnen an engem Haus

Viru kuerzem huet, op Invitatioun vun de Porverbänn Hesper-Alzeng an Helleng-Fréiseng, de Professer Dr. Walter Andreas Euler vun der Theologescher Fakultéit vun Tréier an der Kierch um Houwald iwwer dat Zweet Vatikanescht Konzil referéiert. Hien huet dobäi op d'Verdingschter vun dësem 21. Oekumenesche Konzil higewissen an ënnert anerem d'Bedeitung vun dem Oekumenismus ervirgestrach. Et soll dofir emol op däser Plaz vun dësem Stéifkand vun dem kierchleche Liewen zu Lëtzebuerg rieds sinn.

D'Wuert „Oekumene" leet sech aus dem Griecheschen oikeo - „wunnen" a vun oikia - „Haus" of. Ursprünglech ass mat oikoumene dat bewunntent Haus vun der Aerdkugel gemengt, also all Plazen, wou et ziviliséiert Liewe gëtt.

Am Neien Testament gëtt mat deem Wuert déi ganz vu Menschen besiidelt Welt verstanen, déi zum Adressat vun der chrëschtlecher Botschaft gëtt.

Oekumene gouf awer och a méi engem enke Sënn ausgeluecht, als déi vu Chrëschte bewunnte Welt am Géigesaz zu der Welt vun den Heeden.

Nun ass et awer am Laf vun der Kierchegeschicht an der chrëschtlecher Welt zu dramatesche Spannungen komm, déi sech zu Spaltungen ausgewierkt hunn.

Fir am Bild vum Haus ze schwätzen: Am Familljenhaus vun der Kierch koum et zu Ausenanersetzungen, esou dass sech verschidde Familljebranchen an hir jeeweileg Kummeren agespaart, eng däer aner d'Dir virun der Nues zougeschloen hunn a wa si sech am Trappenhaus begéint sinn, koum et zu Konflikter, déi zum Deel bluddeg ausgedroe goufen.

Haut versteet een ënner Oekumene d'Beméiungen, fir déi getrennte chrëschtlech Lageren oder Konfessiounen nees zesummen ze bréngen.

Ennert der ugestrieften Eenheet vun de Chrëschten gëtt keng Uniformitéit verstanen, no däer gläichsam jiddereen seng Maueren anzeräissen hätt fir ënnert dem Dach vun enger grousser Konfessioun – am beschten däer eegener - ze liewen, mee et geet ëm dat gemeinschaftlecht a beräichernd Zesummeliewen vu verschiddenen Traditiounen, woubäi d'Dir fir bei deen aneren opsteet.

D'Zil ass, dass ee sech a Sträitfroen esou wäit eens gëtt, dass een net nëmmen frëndschaftlech zesummesetzen a bieden, mee dass een och gemeinsam un den Dësch vun der Eucharistie triede kann. Bis dohinner ass et nach e gutt Stéck Wee.

Wa fir vill Leit d'Oekumene iwwerhaapt keen Thema ass, dann trëfft dat nach a verstäerktem Mooss fir Lëtzebuerg zou. Bei äis stellen déi kathoulesch gedeeften Chrëschten nach ëmmer eng grouss Majoritéit géintiwwer anere chrëschtleche Konfessiounen duer.

Am Géigesatz zu Däitschland oder der Schwäiz, wou d'Oekumene duerch dat dagdeeglecht Zesummeliewen vun evangeleschen a kathoulesche Chrëschten e richtegt Häerzensuleies ass, dat vu breede Schichten vu Gleewegen gedroë gëtt, huet si bei äis éischter ee Schattendasein.

## Eng Evidenz

Dass et dobäi net bleiwe soll, dofir setzt sech ënner anerem de Rot vun de chrëschtleche Kierchen zu Lëtzebuerg an. Däse Rot, an deem nieft der kathoulescher Kierch och déi anglikanesch, déi orthodox an d'Allianz vun de Protestantesche Kirchen vertruede sinn, gouf am Januar 1997 an d'Liewe geruff.

D'Zäite sinn endgülteg riwwer, wou sech déi chrëschtlech Kierchen eng vis-à-vis vun däer aner daf a stomm gestallt hunn. Um Hannergrond vum Pluralismus vun de Religiounen a vun der Säkulariséierung vun de westleche Gesellschaften a net zulescht fir dem Wëllen vu Jesus Christus ze entspriechen, ass den ökumeneschen Dialog e Must wann d'Chrëschten net wëllen komplett onglaawwierdeg do stoen.

Déi europäesch Erweiterung no Osten an déi rezent Memberschaft an der EU vu Rumänien a Bulgarien wäerten mëttelfristeg och zu verstäerkten Relatiounen tëschent Chrëschten aus der westlecher a Chrëschten aus der ostkierchlecher Traditioun féieren.

Och op dësem Hannergrond vum luesen geografeschen Zesummewuessen vun Europa schingt ee bessert Kenneléieren an eng authentesch oekumenesch Approche vun de concernéierte Kierchen onerlässlech.

An dësem Kontext spillt déi oekumensch Gemeinschaft vun Taizé an der Bourgogne eng wichteg Roll. All Joer féiert si e puer zingdausend Jonker aus deene verschiddene Kierchen zu enger europäescher Renconter zesummen. Déi jonk Leit bieden an diskutéieren zesummen, si deelen hiere Glaawen an deelen sech hir Suergen a Perspektiven mat. An engem Klima vu Respekt wiesst an hinnen de Sënn vu Geschwesterlechkeet ënnert Chrëschten aus verschiddenen Traditiounen. Zënter ville Joren gëtt dëst Uleies vun eisem Centre de Pastorale des Jeunes gefördert.

Et wir wierklech wënschenswert, wann ëmmer méi Katholiken a Net-Katholiken an eisem Land hir An an hir Oueren géifen opmaachen fir d'Uleies vun der Oekumene an esou dem Wëllen vun hierem Här gerecht géifen, deen inständeg gebiet huet, dass séng Frënn eens sinn.

***Leo Wagener***

Jongbaueren a Jongwënzer/Landjugend 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44 743-252 – Fax: 44 743-563 – E-mail: landju@pt.lu CCPLLULL:
LU12 1111 0040 0831 0000 – Joërescotisatioun: 12€

**6/2009**
***Juni***

## Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l.
## Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.

**Jonk Leit vum Land hunn hir Zukunft an der Hand**
**Si droen d'Verbandsaarbecht am Joer 2009**

| | |
|---|---|
| Nationalpresident LLJ a.s.b.l.: | **HARPES Remy,** Rippweiler |
| Nationalpresident LJB & JW a.s.b.l.: | **HAHN Christian,** Roodt/Redange |
| Nationalpresident LLJ – JB&JW a.s.b.l.: | **COENJAERTS Patrick,** Fouhren |
| Nationalaumônier LLJ – JB & JW: | **WAGENER Leo,** Bonnevoie |
| Permanent LLJ – JB & JW: | **GLODT Franz,** Mertert |
| Sekretärin LLJ – JB & JW: | **KICKERT-TIBOR Marie-Rose,** Dudelange |



*Déi intresséiert jonk Memberen vun der LLJ an de LJB&JW während den dësjährege Generalver-sammlungen vun eisen Organisatiounen, déi den 3. Abrëll 2009 am Festsall vum LTA zu Ettelbréck ofgehale goufen*

# 2. Deel

### Lëtzebuerger Landjugend Jongbaueren a Jongwënzer CLIÄRREF a.s.b.l.

***President:*** **TURMES Ronny,** Reuler
*Vizepresident:* SCHANCK Alex, Hupperdange
*Sekretär:* BOEVER Fränk, Eselborn
*Caissier:* ZEIMES Marc, Hoffelt

*Memberen:*
BRAQUET Fernand, Munshausen
BRAQUET Viviane, Munshausen
LENERS Eric, Weicherdange
REIFF Joé, Leithum
SCHLECHTER Fränz, Reuler
SIEBENALLER Kim, Huldange

*NC – LJB & JW:*
BRAQUET Viviane, Munshausen
SCHANCK Alexander, Hupperdange
SIEBENALLER Kim, Huldange
TURMES Ronny, Reuler

*NC – LLJ:*
BRAQUET Viviane, Munshausen
SCHANCK Alexander, Hupperdange
SIEBENALLER Kim, Huldange
TURMES Ronny, Reuler

*Vertrieder ONG-D:*
TURMES Ronny, Reuler
BRAQUET Viviane, Munshausen

*1. Keeserevisor:* FELTEN Christian, Hachiville
*2. Keeserevisor:* HOSINGER Joé, Hachiville

## Un d'Memberen vun der Kathoulescher Aktioun vum Duerf

D'Memberskaart vun der ***Kathoulescher Aktioun vum Duerf*** fir d'Joer 2009 ass lech am Laf vum Dezember 2008 zougestallt. Mam Bezuelen vun der Cotisatioun gëtt si Urecht op d'Zeitung ***Lëtzebuerger Duerf***.

D'Cotisatioun vun **12,00 €** fir d'Joer 2009 ass ze iwwerweisen op ee vun de folgende Konten vun der **LLJ – JB & JW**:

CCPL: LU12 1111 0040 0831 0000
CCRA: LU87 0090 0000 3705 3600

**Mir soe Merci fir Äer Trei!**

Mir weisen héiflechst dorop hin, dass d'Zoustellung vun der Zeitung un d'Bezuelen vun der Cotisatioun gekoppelt ass.

### Lëtzebuerger Landjugend Jongbaueren a Jongwënzer MAACHER a.s.b.l.

***President:*** **SCHILTZ Charel,** Rosport
*Vizepresidentin:* LEONARDY Conny, Dickweiler
*Sekretärin:* SCHILTZ Carmen, Berbourg
*Caissier:* SEYLER Kevin, Steinheim

*Memberen:*
BARTZ Claude, Osweiler
GIRST Patrick, Rosport
KRISCHLER Tanja, Steinheim
SCHMIT Georges, Dickweiler
SCHOELLEN Nathalie, Berbourg
STRONCK Oliver, Rosport

*NC – LJB & JW:*
SCHILTZ Charel, Rosport
SCHMIT Georges, Dickweiler
SEYLER Kevin, Steinheim
STRONCK Oliver, Rosport

*NC – LLJ:*
BARTZ Claude, Osweiler
KRISCHLER Tanja, Steinheim
LEONARDY Conny, Dickweiler
SCHILTZ Carmen, Berbourg
SCHOELLEN Nathalie, Berbourg

*Vertrieder ONG-D:*
SCHILTZ Carmen, Berbourg
STRONCK Oliver, Rosport

*1. Keeserevisor:* SCHILTZ Conny, Berbourg
*2. Keeserevisor:* SCHILTZ Georges, Rosport

### Lëtzebuerger Landjugend Jongbaueren a Jongwënzer ZENTER a.s.b.l.

***President:*** **BINCK Myriam,** Eschette
*Vizepresident:* HAHN Christian, Roodt / Rédange
*1. Sekretär:* SCHLIM Nancy, Nagem
*2. Sekretär:* HARPES Remy, Rippweiler
*1. Caissier:* RUPPERT Tessy, Reimberg

*Memberen:*
BOURG Georges, Buschrodt
LOESCH Patrick, Buschroodt
MANGEN Antoine, Rambrouch
MEYERS Michel, Dellen
SCHAUS Bob, Pratz

*NC – LJB & JW:*
BINCK Myriam, Eschette
BOURG Georges, Buschrodt
HAHN Christian, Roodt/Rédange
MANGEN Antoine, Rambrouch
MEYERS Michel, Dellen
SCHAUS Bob, Pratz

*NC – LLJ:*
BINCK Myriam, Eschette
HARPES Remy, Rippweiler
LOESCH Patrick, Buschrodt
RUPPERT Tessy, Reimberg
SCHLIM Nancy, Nagem

*1. Keeserevisor:* RISCH-MARNACH Josy, Heispelt
*2. Keeserevisor:* STEICHEN-KEMP Serge, Dellen

*Vertrieder ONG-D:*
SCHLIM Nancy, Nagem

### Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l.

**President:** **HARPES Remy,** Rippweiler
*Vizepresident:* SCHILTZ Carmen, Berbourg
*Caissieren:* LEONARDY Conny, Dickweiler
WAGENER Leo, Bonnevoie
*Sekretär:* GLODT Franz, Mertert
*Memberen:* Vertrieder aus de regionale Gruppen (ënner: NC – LLJ)

*1. Keeserevisor:* BREUER Carine, Wiltz
*2. Keeserevisor:* CORDIER Philippe, Boulaide

### Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.

**President:** **HAHN Christian,** Roodt
*Vizepresidenten:* GLESENER BILL, Ehlange/Mess
STROTZ Cathy, Erpeldange
ZEIMES Marc, Hoffelt
*Caissieren:* FEIPEL Pierre, Schieren
WAGENER Leo, Bonnevoie
*Sekretär:* GLODT Franz, Mertert
*Memberen:* Vertrieder aus de regionale Gruppen (ënner NC – LJB & JW)
*1. Keeserevisor:* Laurent FRANTZ, Roeser
*2. Keeserevisor:* SCHILTZ Charel, Rosport

### Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.

**President:** **COENJAERTS Patrick,** Fouhren
*Vizepresidenten:* HAHN Christian, Roodt
HARPES Remy, Rippweiler
WOLTER-HILGERT Fernande, Roost
*Caissieren:* BREUER Carine, Wiltz
WAGENER Leo, Bonnevoie
*Sekretär:* GLODT Franz, Mertert
*Memberen:* WIRTZ Christian, Warken
ZEIMES Marc, Hoffelt
*1. Keeserevisor:* SCHMIT Georges, Dickweiler
*2.Keeserevisor:* STRONCK Oliver, Rosport

*35. Landjugenddag zu Ell*

# Niewent Spaass an Amusement – vill Engagement am Dingscht vun der Allgemengheet

**Usprooch vum Remy Harpes, President vun der Lëtzebuerger Landjugend**



*E Bléck op déi éischt Reien am Haff vum Centre Camille Ney während der Usprooch vum Nationalpresident vun der Lëtzebuerger Landjugend*

Léif Éiregäscht, léif Frënn a Memberen vun der Lëtzebuerger Landjugend. Et ass fir mech eng grouss Éier, lech haut bei äis zu Ell ze begréissen.

Dësen Dag ass fir d'Landjugend jo och ëmmer eng gutt Geleeënheet fir eis Politiker op d'Aktivitéiten vun eisem Verband opmierksam ze maachen.

Sou stung am Joer 2008 nees eis 36-Stonnen-Aktioun um Programm, déi bekanntlech am 2-Joeres-Rythmus duerchgefouert gëtt. Si stung ënnert dem Motto: „Mir schaffe fir dech!". Bei dëser Aktioun gëtt ëmmer - zäitgläich - a siewe verschiddene Gemengen, während enger Zäitspan vu 36 Stonnen, e Projet fir d'Allgemengheet realiséiert. Eis Aarbecht dréit zur Verschéinerung vum Duerf bäi oder stellt eng nëtzlech Ariichtung fir d'Bewunner aus der Géigend duer.

Am leschte Joer war awer alles e bëssen anescht an esou konnten zwee Projeten net realiséiert ginn. Déi zwou Gruppen hunn et sech awer net huele gelooss, fir hiere Projet trotzdeem zu engem spéideren Zäitpunkt nozehuelen.

Eng vun deenen Aktiounen, déi dat lescht Joer direkt réaliséiert konnte ginn, war hei zu Ell, direkt vis-à-vis vun hei, hannert dem Café. Hei gouf deemols eng Plaz nei aménagéiert, dat heescht de Haff mat Steng ausgeluegt an en Hiwwel ugeplanzt. Dir kennt lech gäeren nom Éirewain e Bild dovunner maachen.

Doniewent hat ech jo dat lescht Joer op dëser Plaz e mysteriéise Projet ugekënnegt. Dobäi huet et sech ëm deen éischte Landjugendkalenner gehandelt. Dëse Projet huet Ufanks esouwuel an eise Reien, wéi och ausserhalb vun eisem Veräin, fir e bëssen Diskussioun gesuergt.

D'Resultat war awer weisenswäert. Erlabt mir drop hinzeweisen, datt de ganze Kalenner - vun der Iddi aus, iwwert d'Fotoen maachen bis hin zum Layout, just vu Memberen vun eiser Organisatioun durchgezu ginn ass.

## En Héichpunkt am Liewen vun eise Verbänn

Ech well dann awer och nach op een Héichpunkt am Liewe vun eise Verbänn a speziell vun eiser Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika hiweisen.

50 Joer ass et elo hir, datt eis Organisatioun, an der Persoun vum Toni Mailliet, deen éischten Entwécklungshelfer an Afrika, an déi deemoleg Obervolta geschéckt huet. Zenterhir hunn 20 Entwécklungshelfer eng méi oder manner laang Zait vun hierem Liewen an Afrika verbruecht, fir deene Leit ze hëllefen, deenen et net esou gutt, wéi äis Europäer, geet.

D'Promotioun vun der ländlecher Bevölkerung - an domat dem Bauerestand - huet ëmmer de Schwéierpunkt vun eiser Aarbecht duergestallt. An däer laanger Zäit ass dat iwwer verschidde Weeër realiséiert ginn: Educatioun, Formatioun, Verbesserung, Ausbau oder Erneierung vun de bestehenden Infrastrukturen,... fir der e puer ze nennen. Am neien ONG-News, deen haut virläit, kréien déi Intresséiert e Bild vun den aktuellen Kooperatiounsprojeten an de konkreten Aarbechten, déi haut um Terrain duerchgefouert ginn. Och kréien si en Androck vun der Aarbecht aus deene leschte 50 Joer iwwer den Interview mam fréieren Nationalaumônier, dem Abbé Léon Kirsch.

D'Jubiläumsjoer feiere mir mat verschiddene Manifestatiounen. Den Optakt hu mir de 29. Mäerz am Centre zu Clairefontaine mat der gutt besichter Journée Conviviale gemaach, wou déi fréier an aktuell Memberen aus de Verbänn e flotten Dag zesumme verbruecht hunn.

Deen nächsten Rendez-vous steet och scho virun der Dir. Vum 3. bis den 5. Juli si mir op der Foire agricole mat engem afrikaneschen Duerf präsent. Dëst d'Duerf ass a laanger Viraarbecht an an Zesummenaar-

becht mat Proffen a Schüler aus dem Lycée Technique Agricole an Animateuren vun der ONG „Action Solidarité Tiers-Monde" Duerf virbereet ginn.

Während der Foire gëtt eise Visiteuren e flotten Animatiounsprogramm ugebueden. Dir sidd deemno häerzlech invitéiert, äis am Jubiläumszelt ze besichen.

Den Ofschloss vum Jubiläumsjoer ass fir e Sonndeg, de 15. November am Mierscher Kulturhaus mat enger Séance académique programméiert. Mir hoffen Iech deemno och zu Miersch – niewent de Vertrieder vun eisen afrikanesche Partner, de Vertrieder aus den politische Reien an ONG'en, an eise Memberen, begréissen ze kënnen.

Doniewent kënnt am November en DVD an eng Begleetbroschür eraus, déi e Réckbléck op eis 50jähreg Tätegkeet am Intressi vun der Landbevölkerung maachen.

## Hinnen eise grousse Merci

Loosse mer awer elo nach kuerz nees zum häitegen Dag zréckkommen. De Landjugenddag bidd mir net nëmmen d'Geleeënheet, fir vun eisen Aktivitéiten ze schwätzen, mee och fir e puer Leit mäi Merci auszedrécken:

- Dëst Joer ass et jo de regionale Landjugendgrupp Zenter, dee fir d'Organisatioun vun dësem Dag zoustänneg ass. Fir mech ass et souzesoen ee Heemspill, well ech jo och Member hei sinn.

  Sou wëll ech dem Myriam – an och der ganzer Équipe – Merci soen, fir hiert Engagement am Intressi vun der Landjugend, a besonneg fir d'Organisatioun vun der 35. Oplag vum Landjugenddag. Fir den Zenter a sénge Verantwortlechen ass dëst jo ee speziellt Joer, well mam Mähdreschercross nach eng grouss Manif um Programm steet.

  Dem Myriam och dofir e grousse Merci, well hatt den Challenge ugeholl huet – an dat direkt an séngem éischte Joer an der Fonktioun als Presidentin ;-);
- Och dem Här Jos Thill, Buergermeeschter, an de Gemengeresponsablen vun Ell ee grousse Merci, datt si sech fir d'Duerchféierung vum Landjugenddag an der Eller Gemeng ausgesprach hunn;
- E besonnege Merci geet un eise Leo, den Aumônier vun der Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer. Hie steet äis trotz sénger viller Aarbecht ëmmer mat Rot an Dot zur Säit.
- Op kee Fall well ech d'Madame Kickert an de Franz Glodt aus eisem Sekretariat vergiessen. Merci fir hir Arbecht, déi si matt vill Éiergäiz an Engagement uginn;
- De Ministèren an all aner Organisatioun, déi äis all Joer nees finanziell ënnerstëtzen, wëll ech vun hei aus mäi grousse Merci ausdrécken.

**Den nächste Landjugenddag kënnt bestëmmt**

- Mir bleift elo just nach e Merci, an dee geet un Iech all. Et ass fir mech eng grouss Freed, datt dir ërem - oder och eventuell fir déi éischte Kéier de Wee bei d'Landjugend - fonnt hutt.

Ech wënschen Iech e schéinen Dag an hoffen Iech dat nächst Joer erëm op Christi-Himmelfahrt, den **13. Mee 2010** zu Ierpeldéng ze gesinn.

Ech soen Iech Merci!



*Vollen Asaz war vun alle Säite gefuerdert, sou datt och déi 35. Editioun e Succès konnt ginn. Loosst Iech vun dësem Succès iwwerzeegen, mat deene ville weidere Fotoen, déi Dir ënner www.jongbaueren.lu fannt!*




LEMKEN
THE AGROVISION COMPANY
präsentiert den
3. LEMKEN Triathlon
JB JW
Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer
gegen
CENTRALE PAYSANNE SERVICE JEUNESSE
LETZEBUERGER BAUEREJUGEND
Lëtzebuerger Bauerejugend
im sportlichen Wettkampf mit Bodenbearbeitungsgeräten, Drillmaschinen und Spritzen
Scheidgen-Michelshof
15. August 2009
ab: 10:00 Uhr Landmaschinen und Oldtimer Ausstellung
13:30 Uhr Start LEMKEN Triathlon
19:30 Uhr LEMKEN Ball mit Siegerehrung
mit freundlicher Unterstützung von:
CASE AGRICULTURE
WEMPERHARDT AGRI-CENTER
Schäffer Lader

Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

# Unsere Entwicklungsprojekte

## BURKINA FASO – Imasgo

**Errichtung eines „Centre technique de l'amélioration de la traction asine" - CTAA**

*2. Teil*

### Mais pourquoi l'âne?

Engagé dans l'appui au développement rural au Sud, on me pose parfois la question : « Mais pourquoi travailler sur l'amélioration de la traction asine, au Burkina Faso ? », dans ce projet lancé et financé par nos amis luxembourgeois.

C'est en fait à la fois une réponse d'opportunité et une forme de choix raisonné. Cet engagement particulier est en effet :

- fondé sur une histoire récente,
- validé sur le terrain,
- basé sur une approche intégrée de la traction asine,
- motivé par l'évolution des systèmes agraires africains et
- justifié aux plans économique et social.

1. Je ne reviendrai pas sur les aspects historiques abordés par Marcel SCHEIDWEILER (voir Duerf 05/09) et rappelés dans l'opuscule : L'âne «premier fils du paysan» (Regards sur l'introduction de la traction asine au Burkina Faso par les jeunes agriculteurs et viticulteurs du Grand-Duché de Luxembourg), 2004.
2. La validation par et avec les acteurs sur le terrain mérite que l'on précise ici qu'il s'agit d'un processus continu d'enquête, de discussion et d'échanges avec les paysans du « plateau Mossi » qui a permis, depuis 2003, de consolider cette conviction :

- ce serviteur permanent des agricultures paysannes qu'est l'âne, mérite amplement que l'on s'attache à mieux le connaître, mieux l'utiliser et en diversifier les utilisations dans l'intérêt des familles concernées.

1. Cela passera donc par un travail sur l'animal lui-même, son harnachement et ses outils :

- Il s'agit d'abord de mieux nourrir, soigner, dresser, utiliser l'animal au travail ; faire en sorte de l'utiliser efficacement sans souffrances, coups ou plaies inutiles!
- Le harnachement, pièce intermédiaire de l'attelage, est souvent déficient, ce qui diminue, non seulement le « confort » au travail de l'animal, mais aussi l'efficacité de ses efforts.
- Enfin les outils sont souvent rudimentaires et très peu diversifiés… et là se pose évidemment le problème de la fabrication d'outils parfaitement adaptés à ce modeste animal de trait, mais aussi celui de leur coût pour les utilisateurs ; le microcrédit devrait permettre de surmonter de tels obstacles.

C'est donc en intervenant sur les trois composantes de l'attelage (animal + harnachement + outil) que l'on vise une réelle amélioration de l'utilisation de la traction asine.

Au plan économique et social, l'âne, souvent considéré comme le « cheval du pauvre » se révèle de plus en plus et dans beaucoup de régions comme la solution technique et économique la plus adaptée et la plus fiable pour les agricultures familiales d'Afrique sub-saharienne. Il est, en effet, d'un prix abordable, d'un format modeste, peu exigeant en nourriture et très efficace au travail. Il est donc bien adapté aux contraintes économiques croissantes des paysans.

Nous insisterons en conclusion sur deux points :

- « Entrer par la traction asine » qui est au cœur des systèmes de production de la région, devrait permettre de proposer une série d'améliorations techniques pour une meilleure efficacité et durabilité de ces systèmes, avec des innovations telles que :
  - les cultures fourragères et le stockage de fourrages,
  - l'agroforesterie,
  - la diversification des cultures,
  - la gestion de la matière organique (fumiers, composts), etc.
- Enfin, travailler sur la traction asine présente une réelle originalité puisqu'il existe très peu d'opérations ou de projets qui abordent l'amélioration de l'utilisation de ces modestes animaux qui restent relativement méconnus.

Notre vision consiste donc à créer au Burkina Faso un centre de référence sur cette espèce et son utilisation. Ce centre de formation et de démonstration vise d'abord à répondre aux besoins des paysans de la région, mais il devrait voir son rayonnement dépasser les frontières des provinces concernées.

**Philippe Lhoste**
agronome zootechnicien
lhosteph@orange.fr



*L'expert en zootechnie lors des démonstrations en traction asine au CTAA en février 2009*

## BURKINA FASO – Ouahigouya

**Bau einer Biogasanlage für das Gymnasium YADEGA**

**In Zusammenarbeit mit dem Lycée Technique Agricole — Ettelbrück**

In Zusammenarbeit mit dem Lycée Technique Agricole aus Ettelbrück (LTA) wurde über längere Zeit der Bau einer Biogasanlage auf dem Gelände des Gymnasiums YADEGA in Ouahigouya in Burkina Faso ins Auge gefasst. Auf einer Machbarkeitsstudie beruhend, die durch den belgischen Spezialisten Bernard Kamp im April 2005 durchgeführt worden war, folgte im April 2006 eine Analyse der geologischen Beschaffenheit des Standortes, um die Sicherheit des in das Erdreich eingelassenen Fermenters zu gewährleisten.

Im Dezember 2008 lag uns die Zustimmung zur Bezuschussung des Projektes seitens des Luxemburger Ministeriums für Entwicklungszusammenarbeit und humanitäre Hilfe vor, sodass das Vorhaben schlussendlich konkretisiert werden kann.

Die Anlage wird einerseits zur Abwasser-Sanierung und andererseits zur Einsparung von Brennholz im Gymnasium beitragen. Mit dem gewonnenen Methangas wird die Schulkantine versorgt, in der täglich circa



*Anlässlich einer kleinen Feier, zu der zahlreiche Persönlichkeiten eingeladen waren, fand die Grundsteinlegung der Anlage im Februar 2009 in Anwesenheit von Frau Micheline Troian statt*

**Am Kader vun der Foire Agricole, vum 3. bis 5. Juli 2009**

# Afrikanescht Duerf am Zelt vum Jubiläum



**Besicht äis op der dësjähreger Foire Agricole am Zelt vum 50. Anniversaire vun eiser Kooperatiounsaarbecht an Afrika!**

An Zesummenaarbecht mat Schüler a Professeren aus dem **Lycée Technique Agricole** vun Ettelbréck an afrikaneschen Animateuren vun der **ASTM** (Action Solidarité Tiers-Monde) hu mir a laanger Viiraarbecht en **afrikanescht Duerf** fir eis Visiteuren op der Foire Agricole (FAE) preparéiert. An deenen eenzelen Casen am afrikaneschen Duerf kréien si en Androck vun den alldeeglече Gegebenheeten am ländlechen Afrika.

Niewent den Ausstellungs- an Informatiounsstänn gëtt den Intressenten an de Kanner ee flotten an ofwiesslungsräichen Animatiounsprogramm iwwer déi dräi Deeg vun der FAE ugebueden. Fir d'Opstellung an d'Realisatioun vun dësem Programm kënne mir op de Knowhow an d'Ënnerstëtzung vun der **Agence interculturelle vun der ASTI** (Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés) zréckgräifen. D'Zelt vum Jubäumsjoer gëtt äis fréndlecherweis vum **Verband Group** zur Verfügung gestallt.

Um Terrain beim Zelt vun den **Ieselfrënn Lëtzebuerg** - dat un d'Zelt vum Jubiläum stéisst - sinn Demonstratiounen vun der Aarbecht mam Iesel mat de Vertrieder vun eiser franséischer Partner-Associatioun **PROMMATA** (Promotion de matériel moderne en traction animale) virgesinn. Doniewent bidden d'**Ieselfrënn Lëtzebuerg** de Kanner d'Méiglechkeet un, fir e Parcours op engem Iesel ze maachen.

Kulinaresch verféiert äis **d'Federatioun vun den afrikanesche Associatiounen**, déi hei zu Lëtzebuerg aktiv ass, an déi afrikanesch Welt.

Raiffeisen – Eng Bank, méi no bei Iech

De Verband Group – 100 Joer – Fédération Agricole

Lycée Technique Agricole – astm Action Solidarité Tiers Monde – asti Agence Interculturelle

# + Dr Roger Kayl



Mat groussem Bedaueren hunn d'Jongbaueren a Jongwënzer d'Ofliewen vum Här Roger Kayl, Conseiller 1. Klass hon. am SER zur Kenntnis geholl.

Den Här Roger Kayl war wéinst sénger Fachkenntnis a séngem gewëssenhafte Schaffen a sénger Administratioun an a sëllechen landwirtschaftlechen Gremien an Associatiounen héich ugesinn. Hien huet och vill mat eisem Verband zesummegeschafft. Iwwert Joren huet hien regelméisseg Fachartikelen an dëser Zeitung publizéiert.

D'Festbrochür zum 75. Anniversaire vun de LJB&JW kënnt zum groussen Deel aus sénger Fieder. Mir soën sénger Famill eist chrëschtlecht Bäileed.

Allen, déi säin Undenken mat engem Don fir eis Entwécklungsprojeten éieren, soë mir eisen déiwe Merci.

70 Mahlzeiten gekocht werden. Die Einsparungen aufgrund des stark reduzierten Brennholzes werden dem Unterhalt der Lehrgebäude zugute kommen.

Die Kosten für die Anlage belaufen sich insgesamt auf 50.965,80 €. Im Januar 2009 wurden dem Partner 33.982,72 € zugestellt, sodass die Zuständigen des technischen Gymnasiums die Vorbereitungen zum Bau des Fermenters unverzüglich in die Wege leiten konnten.

Bei Geleeënheet vun hierer Gëllen Hochzäit hunn den **Här an d'Madame Armand a Germaine Welbes-Wagner** vu Kanech, der ONG e generéisen Don fir hir Kooperatiounsprojeten an Afrika zoukomme gelooss.

Am Numm vun eisen afrikanesche Frënn, seet de Verwaltungsrot vun der ONG hinnen e grousse Merci fir hir wäertvoll Ënnerstëtzung zu Gonschte vun der ländlecher Bevölkerung am Burkina Faso.

**Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.**

# Ënnerstëtzung vun eise Kooperationsprojeten




No der dësjähreger Muttergottes-Oktav hunn déi Verantwortlech vum Missiounsbazar dem President vun der ONG, dem Här Dechen Leo Wagener, e Scheck am Wäert vun 2.500 € iwwerreecht. Dësen Deel vum Erléis vum Missiounsbazar 2009 fléisst integral an dee fënnefjährege Kooperatiounsprojet ***Centre technique de l'amélioration de la traction asine***, deen eis ONG zesummen mat eisem lokale Partner zënter Januar 2008 zu Imasgo am Burkina Faso ëmsetzt.

Am Numm vun de Concernéierten zu Imasgo, dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG all deenen, déi sech um Missiounsbazar an den Dingscht vun der gudder Saach gestallt hunn, en oprichtege Merci aus.

***(Foto: Armand Gillen)***

# Orthodoxes Plädoyer für ein Frauendiakonat



Der orthodoxe Liturgiewissenschaftler Evangelos Theodorou aus Athen hat sich für eine Wiederbelebung des Frauendiakonats ausgesprochen. In der österreichischen Katholischen Presseagentur erklärte er, es gebe eindeutige Beweise, dass es in der alten Kirche vom fünften bis zum elften Jahrhundert eine sakramentale Weihe von Frauen zu Diakoninnen gegeben habe, und zwar sowohl in der Kirche des Ostens als auch (in geringerem Ausmaß) in der Kirche des Westens. Das Ehrenmitglied der österreichischen Stiftung „Pro Oriente" beschreibt die Aufgabenfelder der geweihten Frauen so: Zuerst kam die karitative Arbeit. Darüber hinaus hatten sie aber auch katechetische und liturgische Aufgaben inne, besonders in der Frauenseelsorge. Der Diakonat der Frauen sei historisch eng verbunden mit aufblühenden Gemeinden. Erst der Niedergang des kirchlichen Lebens habe dazu geführt, dass es zu einer wachsenden Diskriminierung der Frauen gekommen sei. Der Diakonat als eigener Weihestand müsse gerade heute stärker betont werden und dürfe nicht nur als Durchgangsstadium zum Priestertum gesehen werden.

Theodorou erinnerte daran, dass die Synode der orthodoxen Kirche von Griechenland sich im Jahr 2004 für die Wiederbelebung des Frauendiakonats ausgesprochen hat und es jedem Bischof freistellt, Frauen zu Diakoninnen zu weihen. Allerdings seien die griechischen Bischöfe in dieser Frage weiterhin sehr zurückhaltend. Theodorous Doktorarbeit von 1954 wurde neu überarbeitet und erschien nun erstmals ins Deutsche übersetzt 2008 in einem Sammelband der „Grazer Theologischen Studien", unter dem Titel: „Diakonat und Diakonie in frühchristlicher und ostkirchlicher Tradition" (hg. von Anne Jensen und Grigorios Larentzakis).

***CIG Nr. 14/2009***

# „Zu jung beim ersten Mal"

***Die sexuelle Verrohung unter Schülern nimmt zu. Besonders Mädchen geraten unter Druck.***

Jedes Jahr werden in Deutschland 12.000 Minderjährige schwanger. Die Hälfte von ihnen treibt ab. Um Teenager-Schwangerschaften zu verhindern, hat die „Ärztliche Gesellschaft zur Gesundheitsförderung der Frau" schon vor fünfzig Jahren begonnen, über Sexualität aufklärend zu beraten.

Waren in den sechziger Jahren vor allem ländliche Gebiete der Schwerpunkt ihrer Arbeit, so stehen heute Schulen im Mittelpunkt. Insbesondere das Problem der sexuellen Verrohung macht den Fachleuten Sorge. „Durch die Medien, vor allem das Internet, sind die Kinder und Jugendlichen ständig mit Sex konfrontiert. Theoretisch ist ihnen nichts mehr fremd... Andererseits plagt die Jugendlichen eine riesige Unsicherheit. Viele stellen sich Sex als Pflichtübung vor. Ich werde oft gefragt, wann man damit anfangen muss", berichtet die Ärztin Esther Schoonbrood (im Interview mit dem „Tagesspiegel"). Weil heute schon Fünft- und Sechstklässler Pornos nachspielen und sich in den Pausen Grenzüberschreitungen häufen, sollten Schulen dies stärker bestrafen, beispielsweise indem sie Handys verbieten, um zu verhindern, dass Schüler über die Trennwände der Toiletten hinweg heimlich Filme anfertigen. Auch sexuell anzügliche Reden sollten Folgen haben. Die Eltern ermahnt Esther Schoonbrood zu mehr Grenzziehung.

Auf die Frage, ob der pädagogische Ansatz, dass zum Sex immer Liebe gehöre, nicht sehr konservativ sei, sagt Esther Schoonbrood: „Dieser Ansatz nimmt junge Mädchen ernst. Sie sollen verstehen, warum Sex nicht immer automatisch schön ist. Wenn man sagt: ‚Du warst zu jung beim ersten Mal, und ihr kanntet euch doch erst zwei Monate', dann hilft ihnen das. Oft höre ich dann Kommentare wie: ‚Endlich sagt das mal jemand, und ich dachte immer, es hätte an mir gelegen.'"

***CIG Nr. 19/2009***


## Impressum

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

**Verantwortung:**

**Aktioun:**
*Armand Bartz* *44 743-251*

**Duerf:**
*Leo Wagener* *44 743-562*
*Franz Glodt* *44 743-252*

**Druck:**
*saint-paul luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*